ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

QP N°2146

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 5. Mee 2020

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsminister an un den Här Schoulminister weiderzeleeden.

Aus Däitschland ass elo eng Etüd vun der Berliner Charité bekannt ginn an där, ënnert der Leedung vun engem Virolog, dem Här Dokter Christian Drosten, d'Infektiounsgefor ënnersicht gouf, déi vu Kanner ausgeet. Dës Etüd gëtt nach wëssenschaftlech iwwerpréift an ass bis elo just virleefeg publizéiert ginn.

Festgestallt gouf, datt d'Virebelaaschtung an den Otemweeër onofhängeg vum Alter ass an datt Kanner a priori genee esou infektiéis wéi Erwuessener sinn. Zwar weisen se dacks manner Symptomer op an houschten och manner, sinn awer dofir sozial a kierperlech méi aktiv a méi agil. Déi däitsch Fuerscherequipe warnt dowéinst virun engem allgemengen Nees-Opmaache vun de Schoulen an de Crèchen.

An deem Kontext wéilt ech der Regierung, a speziell dem Här Schoulminister an der Madamm Gesondheetsminister, dës Froe stellen:

1. Kennt d'Regierung dës Etüd aus Däitschland a wéi reagéiert si op déi Erkenntnesser?
2. Ginn och zu Lëtzebuerg Etüden iwwer Kanner am Corona-Kontext gemaach a speziell och iwwer Ustiechungsgeforen, déi vun hinnen kënnen ausgoen?
3. Ass geplangt, d'Kanner an der Schoul ze testen? Gëtt dofir den Accord vun den Eltere gefrot?
4. Féiert dës Etüd aus Däitschland d'Regierung dozou fir hir Decisioun, d'Kanner schonn Enn Mee nees obligatoresch an d'Schoul ze schécken, ze reconsidereéieren?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

**Réponse commune de Madame la Ministre de la Santé et de Monsieur le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse à la question parlementaire n° 2146 du 5 mai 2020 de Monsieur le Député Fernand Kartheiser concernant l'"Étude sur la contamination et la contagiosité du coronavirus chez l'enfant".**

D' Regierung kennt d 'Étude vun der Charité aus Däitschland. Et ass eng vun e puer Étuden weltwäit déi deelweis awer kontradiktoresch Resultater ginn hunn. Mir wëssen aktuell das d'Kanner manner oft krank ginn mat COVID-19, dass si manner schlëmm Formen vu Krankheet hunn, an dass méi Kanner asymptomatesch Formen opweisen. Et gesäit alles dono aus wéi wann d' Kanner meeschtens vun den Erwuessenen ugestach ginn, a net ëmgedréint.

Weider gréisser Studien sinn awer nach am gaangen (Amerika, Canada an Holland), mee wäerten eréischt Resultater an ongeféier 6 Méint ginn. Zu Lëtzebuerg ginn am Moment keng Étuden u Kanner gemaach.

Et goufen, als „mesure de santé publique" 2'336 Primaner getest iert si zréck an d' Schoul gaangen sinn den 4 Mee. 10 Tester woren positiv. Dat ass eng Prävalenz vun 0,43%, bäi engem Taux de participation vun 38% vun den ageluedene Schüler. En Échantillon vun 161 weidere Schüler aus dem Secondaire goufen zwëschent dem 7 an den 9 Mee getest, bei engem Taux de participation vun 54% vun deenen 300 Schüler, déi ugeschriwwe goufen. Dobäi war 1 Test positiv, wat enger Prävalenz vun 0,61% entsprëcht.

Am Kader vum Projet "large scale testing" besteet och d'Méiglechkeet fir d'Kanner, sech testen ze loossen.

Den Accord vun den Elteren ass ëmmer néideg.

Well d' Informatiounen iwwert d' Kanner am allgemengen ganz rassurant ass, gesäit d' Regierung kee Grond d' Schoulen net opzemaachen.